N° 4684
Reçue le 20.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.07.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 20. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 4449 schreift d'Madamm Ëmweltminister ënnert dem Punkt 3, ob d'Fro, wéi opgelafe Montante vu Betriber déi a punkto Entsuergung vu Verpakungsoffall net konform mat der Ëmweltlegislatioun sinn, ënner anerem Follgendes: "*Et gëtt keng legislativ Dispositioun déi festleet, ob a wéi an dësem Fall déi Bäiträg musse réckwierkend bezuelt ginn. Dëst ass eenzeg an eleng dem Organisme agréé seng Decisioun*".

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Ëmweltminister gär des Froe stellen:

1) Gesäit d'Madamm Ëmweltminister et als eng glécklech Situatioun, datt Gesetzer keng gereegelt Modalitéite virgesinn, fir de Fall, datt se net agehale ginn?
2) Gesäit d'Madamm Ëmweltminister hei net de Probleem, datt déi mangelnd Strofdispositioune kënnen en Negativureiz setzen, well Betriber, déi sech net konforméieren, eng reell Chance hunn, doduerch Membersbäiträg ze spueren?
3) Wéi bewäert d'Madamm Ëmweltminister d'Auswierkunge vun deem an der uewen zitéierter QP behandelte Virfall op de Respekt vum Bierger vis-à-vis vun allgemengen administrativen Dispositiounen? Dëst wuelwëssend, datt d'Madamm Minister an der ëffentlecher Wahrnehmung ëmmer mam Betrib Moulin Dieschbourg wäert associéiert ginn an datt dem Suivi vun dëser Affär an deem Sënn ëmmer eng Virbildfunktioun wäert zoukommen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 25 août 2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°4684 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4684 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°4684 vum 20. Juli 2021 vun dem éierewäerten Deputéierten Här Fred Keup iwwert "Sanctions dans le cadre de la loi relative aux emballages et aux déchets d'emballages"**

Esou wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°4502 geschriwwen, gëtt et keng legislativ Dispositioun, déi festleet, ob a wéi ee Betrib réckwierkend ee Bäitrag muss un den Organisme agréé bezuelen, wann en sech eréischt no enger gewësser Zäit dësem Organisme uschléisst. Et ass net d'Aufgab vun engem Gesetz, déi intern Gestioun vun engem Organisme agréé ze reegelen.

Sollt réckwierkend ee Membersbäitrag bezuelt musse ginn, ass dat jo och keng Strofdispositioun, déi ausgeschwat gëtt, well ee Gesetz net agehale gouf. Et ass eng finanziell Kompensatioun fir den Organisme agréé, deen awer d'Offäll vum Betrib, deen net konform war, a senge Sammelstrukturen ërëmfonnt huet a mat geréiert huet.

D'Gesetzer gesinn d'Modalitéite vir, fir déi Situatioun, wou e Betrib sech net un d'Obligatiounen aus dem Gesetz hällt, ze sanktionéieren.

De Gesetzesprojet n°7654 deen d'Gesetz vum 21. Mäerz 2017 iwwer d'Verpakungen an d'Verpakungsoffäll ofännert, an deen de Moment an der Chamber diskutéiert gëtt, gesäit eng Verstäerkung vun de penale Sanktioune vir.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°4502 ass och drop higewise ginn, datt ier administrativ Mesuren oder penal Sanktiounen ageleed ginn, all Betriber déi net konform sinn am Virfeld vun der Ëmweltverwaltung no enger festgeluechter Prozedur op hir Obligatiounen higewise ginn. Sollt ee Betrib sech dann nach ëmmer net legaliséiert hunn, gëtt den Dossier un d'Kontrollunitéit vun der Ëmweltverwaltung weidergeleet, déi dann déi néideg Schrëtt aleet.

De Moulin Dieschbourg ass vun der Ëmweltverwaltung esou wéi all aner Betrib behandelt ginn. Nodeems datt d'Verwaltung d'Informatioun hat, datt dee Betrib net konform zum Verpakungsgesetz wier, ass dësen direkt ugeschriwwe ginn, fir datt en sech legaliséiere soll.

An der Tëschenzäit ass besote Betrib bei der Valorlux enregistréiert an deemno och elo konform zum Verpakungsgesetz.